LSAP

N°1956
Entrée le 19.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 19.02.2025
Chambre des Députés

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 19. Februar 2025

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

An engem rezente Rapport vum *Observatoire national de l'enfance, de la jeunesse et de la qualité scolaire* mam Titel “Analyse du parcours scolaire des élèves à l’aide d’indicateurs“ ginn Zuelen duergeluecht, déi beleeën, dass et virkënnt, dass Kanner nom Cycle 2.1 oder 3.1 e Rallogement kréien – obwuel et heivir keng legal Basis gëtt. Dem Gesetz no si Rallongementer just nom Cycle 2.2 an 3.2 méiglech. Den SEW/OGBL huet op dëse Rapport mat engem Communiqué reagéiert mam Titel „D’Enseignanten praktizéieren keng verbuede Redoublementer an huelen och keng liichtfankeg Decisioune bei Rallongementer“. Hei gëtt betount, dass Rallongementer nom éischte Joer vun engem Cycle ganz seele virkommen an entspriechend Entscheedungen ëmmer „an der ‚Equipe pédagogique‘ a nëmmen an enker Koordinatioun mat der Direktioun an der Zoustëmmung vun den Eltere geholl“ ginn.

Am Secondaire kënnt d’Thema vum Redoubléiere besonnesch um Niveau vum Cycle inferieur am ESG ëmmer nees op. Hei goufen d’Redoublementer tëscht 7e a 5e ofgeschaf. Schüler:innen, bei deenen opfält, dass si ze grouss Problemer hunn, de Schoulprogramm ze suivéieren, falen op dëse Klassen an der Reegel net méi duerch, mee kënnen am Extremfall awer erofgestuuft ginn. Och dëse System gëtt vun de Gewerkschaften ëmmer nees kritiséiert.

An deem Kontext wéilte mir dem Minister follgend Froe stellen:

- Wéi eng Suitten huet de Minister dem Rapport vum Observatoire an der Reaktioun vun der Gewerkschaft ginn, bzw. wéi eng Reaktioune sinn eventuell nach ze erwaarden?

- Wäert de Minister um aktuelle System, deen am Fondamental keng Rallongementer nom éischter Joer vun engem Cycle virgesäit, festhalen?
Falls jo, wéi wäert de Minister mat den divergéierende Meenungen um Terrain ëmgoen?
Falls net, wéi eng Upassungen si geplangt?

- Wéi vill Schüler:inne kruten an absolutten a relativen Zuelen an de läschte 5 Joer, pro Joer, Klassestuf a pro Schoul e Rallongement am Fondamental?

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

- Wou sinn d'Aarbechten un där am Koalitiounsaccord virgesinne Reform vun den ënneschte Klasse vum Enseignement secondaire général drun?

- Wéi vill Schüler:inne goufen an absolutten a relativen Zuelen an de läschte 5 Joer, pro Joer, pro Klassestuf a pro Schoul am Cycle inferieur erofgestuuft?

Mat déiwem Respekt,

Francine Closener
Deputéiert

Ben Polidori
Deputéierten



Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
lsap@chd.lu